N°2214
Entrée le 02.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 2214 vum 11. Abrëll 2025 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos.**

*1. Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi sech d'Statistik vun de Leit, déi wärend de Jore vun 1984 bis 2024 virum legale Pensiounsalter vu 65 Joer aus dem Liewe gescheet sinn an absolutten Zuelen entwéckelt huet, an dobäi preziséieren, wéi déi Zuelen am Gesamtverhältnis zu der aktiver Populatioun stoungen?*

D'Inspection générale de la sécurité sociale (IGSS) kann nëmmen Datë fir d'Period vun 2002 bis 2024 zur Verfügung stellen. De follgenden Tableau regroupéiert d'Zuel vun de Versécherten, déi virum gesetzleche Pensiounsalter vu 65 Joer gestuerwe sinn, souwéi d'Zuel vun de Versécherten déi virum gesetzleche Pensiounsalter gestuerwe sinn an nach aktiv waren zum Zäitpunkt vum Doud.

Duerch déi gezielt Berécksiichtegung vun der aktiver Populatioun ginn déi Persounen ausgeschloss, déi zwar virum 65. Liewensjoer gestuerwe sinn, awer scho pensionnéiert waren.

Am Joer 2024 sinn 212 Leit gestuerwen virun hirem 65. Liewensjoer déi nach aktiv waren zum Zaitpunkt vun hirem Doud, géigeniwwer vun 228 Leit am Joer 2002. Mat enger aktiver Bevëlkerung vun 287.297 Persounen am Joer 2024 an 183.011 Persounen am Joer 2002 lait den Taux de mortalité an der aktiver Bevëlkerung zu Lëtzebuerg bei 0,07% am Joer 2024, géigeniwwer vun 0,12% am Joer 2002. Dësen Taux ass also an der observéierter Period erofgaangen.

**Tableau 1 - Taux de mortalité au sein de la population active résidente entre 2002 et 2024**

| | Population active résidente [16-64] | Nombre de décédés [16-64] quelle que soit la situation (actif ou pensionné) | Nombre de décédés [16-64] en activité ou au chômage au moment du décès | Taux de mortalité au sein de la population active |
|---|---|---|---|---|
| 2002 | 183.011 | 864 | 228 | 0,12% |
| 2003 | 185.970 | 843 | 229 | 0,12% |
| 2004 | 188.576 | 811 | 214 | 0,11% |
| 2005 | 190.903 | 798 | 206 | 0,11% |
| 2006 | 194.374 | 878 | 272 | 0,14% |
| 2007 | 198.404 | 790 | 209 | 0,11% |
| 2008 | 203.881 | 741 | 217 | 0,11% |
| 2009 | 207.877 | 779 | 212 | 0,10% |
| 2010 | 211.783 | 805 | 247 | 0,12% |
| 2011 | 217.303 | 823 | 200 | 0,09% |
| 2012 | 223.573 | 802 | 200 | 0,09% |
| 2013 | 228.649 | 808 | 217 | 0,09% |
| 2014 | 233.440 | 752 | 223 | 0,10% |
| 2015 | 237.357 | 710 | 204 | 0,09% |
| 2016 | 242.343 | 744 | 209 | 0,09% |
| 2017 | 249.099 | 721 | 218 | 0,09% |
| 2018 | 255.945 | 731 | 179 | 0,07% |
| 2019 | 262.896 | 767 | 237 | 0,09% |
| 2020 | 268.263 | 747 | 225 | 0,08% |
| 2021 | 272.771 | 757 | 241 | 0,09% |
| 2022 | 277.952 | 747 | 209 | 0,08% |
| 2023 | 283.542 | 710 | 229 | 0,08% |
| 2024 | 287.297 | 701 | 212 | 0,07% |

Source : IGSS
Champ : Population active résidente (Population active = en emploi + chômeurs)

*2. Kann d'Madamm Minister am Sënn vun der Fro virdrun d'Opdeelung no den dräi Secteuren (Landwirtschaft, Industrieproduktioun an Déngschtleeschtung), souwéi d'Opdeelung no Geschlechter preziséieren?*

Wat d'Opdeelung no Secteuren ugeet, limitéiert sech den Tableau 2 op d'Zuele vun dem Sekundär- an Tertiärsecteur. Dëst ass dorop zeréckzeféieren, dass d'Zuel u Beschäftegten am Primärsecteur ze niddreg ass, fir d'Berechnung vun engem Taux de mortalité ze erlaben. D'Entwécklungen an deenen zwee Secteure si ganz änlech. Den Taux de mortalité geet vun 0,13% op 0,08% am Sekundärsecteur erof a vun 0,13% op 0,07% am Tertiärsecteur erof.

**Tableau 2 - Taux de mortalité au sein de la population active entre 2002 et 2024 selon le secteur d'activité du dernier emploi**

| | Taux de mortalité au sein de la population active dans le secteur secondaire | Taux de mortalité au sein de la population active dans le secteur tertiaire |
|---|---|---|
| 2002 | 0,13% | 0,13% |
| 2003 | 0,11% | 0,11% |
| 2004 | 0,12% | 0,10% |
| 2005 | 0,14% | 0,09% |
| 2006 | 0,16% | 0,12% |
| 2007 | 0,07% | 0,10% |
| 2008 | 0,10% | 0,10% |
| 2009 | 0,08% | 0,10% |
| 2010 | 0,11% | 0,11% |
| 2011 | 0,06% | 0,09% |
| 2012 | 0,10% | 0,08% |
| 2013 | 0,09% | 0,09% |
| 2014 | 0,08% | 0,09% |
| 2015 | 0,10% | 0,08% |
| 2016 | 0,12% | 0,07% |
| 2017 | 0,10% | 0,08% |
| 2018 | 0,09% | 0,06% |
| 2019 | 0,10% | 0,08% |
| 2020 | 0,13% | 0,07% |
| 2021 | 0,14% | 0,07% |
| 2022 | 0,09% | 0,06% |
| 2023 | 0,08% | 0,07% |
| 2024 | 0,08% | 0,07% |

Source : IGSS
Champ : Population active résidente (Population active = en emploi + chômeurs)

Wat den Taux de mortalité no Geschlecht an der aktiver Bevëlkerung tëscht 2002 an 2024 betrëfft, weist den Tableau 3 datt engersäits den Taux de mortalité vun de Männer ëmmer méi héich ass wéi dee vun de Fraen, an anerersäits datt den Taux de mortalité vun de Männer tëscht 2002 an 2024 erofgeet (vun 0,17% op 0,09%), während den Taux vun de Frae relativ stabel bleift (vun 0,06% op 0,05%).

**Tableau 3 - Taux de mortalité au sein de la population active entre 2002 et 2024 selon le genre**

| | Taux de mortalité des hommes au sein de la population active | Taux de mortalité des femmes au sein de la population active |
|---|---|---|
| 2002 | 0,17% | 0,06% |
| 2003 | 0,16% | 0,05% |
| 2004 | 0,15% | 0,05% |
| 2005 | 0,14% | 0,06% |
| 2006 | 0,19% | 0,06% |
| 2007 | 0,14% | 0,05% |
| 2008 | 0,14% | 0,05% |
| 2009 | 0,12% | 0,07% |
| 2010 | 0,15% | 0,07% |
| 2011 | 0,13% | 0,04% |
| 2012 | 0,12% | 0,05% |
| 2013 | 0,12% | 0,06% |
| 2014 | 0,13% | 0,04% |
| 2015 | 0,12% | 0,04% |
| 2016 | 0,12% | 0,04% |
| 2017 | 0,11% | 0,06% |
| 2018 | 0,09% | 0,04% |
| 2019 | 0,12% | 0,05% |
| 2020 | 0,11% | 0,04% |
| 2021 | 0,12% | 0,05% |
| 2022 | 0,10% | 0,04% |
| 2023 | 0,10% | 0,05% |
| 2024 | 0,09% | 0,05% |

Source : IGSS
Champ : Population active résidente (Population active = en emploi + chômeurs)

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez